

LÛTZEBUERG – STAD A LAND/ZENTRUM

In der Nacht zum Freitag in Berburg

Sechs Personen durch Kohlenmonoxidgas vergiftet

In der Nacht zum Freitag lief im Keller eines Hauses in Berburg ein Benzin betriebener Generator, der das Gebäude mit Strom versorgen sollte. Die entstandenen Kohlenmonoxidgase verteilten sich in sämtlichen Zimmern, ohne dass die Bewohner dies bemerkten. Ein zufällig vorbeikommender Bekannter erkannte gegen 22.15 Uhr umgehend den Ernst der Lage und führte die drei Kinder und die drei Erwachsenen, die zum Teil bereits

nicht mehr bei vollem Bewusstsein waren, aus dem Haus.

Die Bewohner, die bereits vor Ort von den Rettungskräften der gesamten Gemeinde Manternach und Umgebung, sowohl Feuerwehr- als auch Zivilschutzeinheiten, mit Sauerstoff versorgt worden waren, mit einer schweren Gasvergiftung in das Dienst tuende Krankenhaus gebracht. Die Polizei Junglinster leitete eine Untersuchung ein.

Autobahn Luxemburg-Trier

Mit einem Rekordgewicht von 73,15 Tonnen unterwegs

Den Beamten der Zoll- und Akzi- senverwaltung aus Schengen gelang es, in der Nacht zum Donnerstag bei Transportkontrollen mehrere schwerwiegende Verstöße festzustellen.

Auf der Autobahn von Luxemburg in Richtung Trier fielen ihnen zwei Lastwagen auf, die mit Baumstämmen beladen waren. Beim Wiegen der Fahrzeuge, das mittels einer mobilen Waage durchgeführt wurde, wies ein in Luxemburg immatrikulierter Laster ein Gesamtgewicht von 73,15 t auf. Dies entspricht einem Übergewicht von 66 Prozent. Ein zweiter Lastwagen,

der in Belgien immatrikuliert ist, wies ein Gesamtgewicht von 57,5 t auf, was einem Übergewicht von 31 Prozent gleichkommt. Auf Anordnung der Staatsanwaltschaft mussten beide Transporter ihre übergewichtige Ladung an Ort und Stelle auf einen zweiten Laster umladen. Die belgische Firma musste eine Kautions von 30 000 F hinterlegen.

Des Weiteren erstellten die Beamten Protokolle gegen mehrere Lastwagenfahrer, die u. a. ohne erforderliche europäische Transportlizenz unterwegs waren und gegen die vorgeschriebenen Ruhe- und Lenkzeiten verstießen.

Luxemburg-Stadt

Gewaltsamer Diebstahl

In der Nähe des hauptstädtischen „Knuedler“ entriß am Donnerstag unbekannte Täter einer Passantin gewaltsam die Handtasche, wobei die Frau zu Boden fiel und sich Verletzungen zuzog. Der Täter, blau gekleidet, etwa 30 Jahre alt und 1,80 Meter groß, flüchtete in Richtung Rue des Capucins. Die Polizei Luxemburg leitete die Ermittlungen.

Fahrzeug ausgebrannt

Wahrscheinlich aufgrund eines Kurzschlusses geriet am Donnerstag ein Auto in der Rue Robert Stumper in Luxemburg in Brand. Die hauptstädtische Berufsfeuerwehr hatte das Feuer schnell unter Kontrolle.

Bettmurg

Materialschaden

In der Nacht zum Freitag geriet ein Auto in der Montée d'Abweiler in Bettmurg auf der vereisten Straße ins Schleudern und prallte gegen ein Fahrzeug und einen Cegeedel-Verteilerkasten. Es blieb beim Materialschaden. Die Polizei Düdingen nahm den Unfall zu Protokoll.

Differdingen

Mit Säure beschädigt

In der Nacht zum Donnerstag wurde ein in der Avenue d'Obercorn in Differdingen abgestellter Wagen von einem unbekannten Täter mit Säure beschädigt. Zeugen werden gebeten, sich mit der Polizei Differdingen (Tel. 58 33 22) in Verbindung zu setzen.



(Photo: Teddy Jaans)

Der Winter kündigt sich an

„Dem enge säi Leed, dem aner seng Freed“. So manches Kind wird wohl gestern Morgen beim Anblick der leichten Schneedecke in froher Erwartung am Fenster gestanden und sich – bei dem Gedanken an den im Keller aufbewahrten Schlitten – gewünscht haben,

den dass die Schneefälle erst gar nicht aufhören. Den Autofahrern hingegen werden die Verbote des Winters aber jegliches Grinsen aus dem Gesicht vertrieben haben. Bruchstückhafte Eindrücke des vergangenen Winters werden am Horizont der Erinnerung aufgezo-

gen sein ... vereiste Straßen, länger dauernde Anfahrten, zäh fließender Verkehr ... doch dürften die Aufregung wie die Begeisterung bald wieder abgeflaut und durch die alljährlich wiederkehrende Frage ersetzt worden sein: Wo bleibt der Schnee?

Cäcilienfeier bei der Fanfare Pfaffenthal



(Photo: N. Gillen)

Die diesjährige Cäcilienfeier der „Fanfare municipale de Luxembourg-Pfaffenthal“ fand am vergangenen Samstagabend im Bon-

neweger Gewerkschaftscafé statt. Als Vertreter der UGDA wohnte Robert Köller dieser Veranstaltung bei, in deren Mittelpunkt der Jah-

resrückblick von Präsident Romain Durlat stand, sowie die Medaillenübergabe an folgende Musikanten: Louis Lessure und Francis Larosch für jeweils 40 Jahre Mitgliedschaft, Thierry Durlat 20 Jahre, Patrick Scheier 10 Jahre und Romain Schuller 5 Jahre.

Außerdem erhielt Dirigent Josy Clement ein passendes Geschenk, da er neben seiner vorbildlichen Tätigkeit als musikalischer Leiter auch sonst überall im Verein unentbehrlich ist. Seine Gattin und Madame Durlat wurden mit Blumen bedacht. Ein weiteres Blumengebinde erhielt Mme Marlène Neyers als Anerkennung dafür, dass sie die hundertjährige Bestehen der Fanfare gefeiert wird.

Zum Schluss des offiziellen Teils wies Präsident Romain Durlat darauf hin, dass im Jahre 2005 das hundertjährige Bestehen der Fanfare gefeiert wird.

Demain dimanche

Une conférence sur la pension des ex-militaires portugais

Des milliers de Portugais ont émigré après avoir effectué le service militaire et ils ne savent pas si ce temps compte pour leurs pensions. La législation portugaise sur la Sécurité sociale, en ce qui concerne les pensions, ne prend en considération le temps du service militaire que si le citoyen a exercé une activité rémunérée avant d'être appelé sous les drapeaux, et sous condition encore que cette activité ait donné lieu au paiement de cotisations pour la pension. Or, la plupart des immigrants portugais résidant actuellement au Luxembourg sont des ex-militaires qui ont quitté le Portugal sans y avoir travaillé et, même s'ils y ont

travaillé, il arrive que leurs patrons, parfois même l'Etat, n'ont pas payé les cotisations dues. Afin d'éclaircir cet état de choses et de prendre des mesures pour que justice soit rendue à tous les immigrants (ex-militaires) qui se trouvent dans cette situation, un groupe de citoyens portugais, avec le soutien de l'OGB-L, invite toutes les personnes qui se trouvent dans cette situation à participer à une réunion qui aura lieu au restaurant Bairrada (Maison du Peuple) le dimanche 25 novembre à 10 heures, au numéro 62, boulevard Kennedy à Esch/Alzette (face à la gare des CFL et à côté d'OGB-L) en présence du consul général du Portugal.



(Photo: Gaby Disewiscourt)

L'artiste Monique Seil-Schlang de Grevenmacher expose au Club Monnet à Luxembourg-Kirchberg

Le „Club Kivwanis Alstad“ invite ce moment à une exposition de l'artiste Monique Seil-Schlang qui est ouverte au public au Club Monnet, 6, circuit de la Foire internationale à Luxembourg-Kirchberg jusqu'au 30 novembre.

Au courant du vernissage Marryse Hoffmann, présidente du service club, accueillit ensemble avec les membres de son comité les nombreux invités et invités d'honneur. Elle présenta ensuite l'artiste résidant à Grevenmacher, où elle expose régulièrement à la Galerie Moderne et surprend le public par l'intensité de ses oeuvres. Inspirée par la peinture sur soie, elle a commencé qu'en 1994 avec la peinture contemporaine. Les dernières années elle a suivi des cours

de peinture libre à l'Académie européenne de Trèves. Depuis 1997 elle a obtenu à l'Académie internationale de Lutèce à Paris (F) et à Gembloux (B) plusieurs médailles de bronze, d'argent, avec mention. Dans le beau cadre du Club Monnet plus de 30 oeuvres, des acryles sur toile, bois et papier sont exposés.

A noter qu'une partie du bénéfice reviendra à l'association luxembourgeoise pour la prévention des sévices à enfants (Alupse). Créée en 1984 sur initiative du comité luxembourgeois pour l'Unicef et grâce à l'engagement du Dr Roland Seligmann, les fonds récoltés par des dons ont permis à l'Alupse d'ouvrir en 1994 un service psychosocio-thérapeutique.

eng KLACK für eis Sprooch 75

ACTION LÛTZEBUERGEGESCH – EIS SPROOCH
 53a Glesenerstrooss – L-1631 Lëtzebuerg-Gare
 Tél.: 470 612 – Fax: 222 490
 e-mail: friedjan@pt.lu + faberre@pt.lu + lexroth@pt.lu
 Cotisation/Member: 500 Frang d'Joer

Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bache, Jeanine Theis-Kauth, René Faber, Johnny Flick, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Lex Roth, Roby Zenner, Pol Wilmes an Henri Marbes
 Nächst Klack (76): 29.12.2001

Wéi meng Mamm nach huet gesponnen wat hat ech dunn d'Mënsche gär ech hunn net verstoe kënnen datt ee bëisen drënner wäer...

L.R. - Déi Mamm um Spannrädd gëtt et natierlech hei bei äis zënter Joer an Dag net méi. D Symbolik aus dem Lidd gëllt ower och nach haut: D'Rou an d'Leift an d'Heemlechkeet, déi de Michel Lentz an dësem schéine Lidd beschreift, hunn aner Formen, sinn ower datselwech.

Mir sinn erëm an der heemlecher Zäit, wou een dacks mat waarmen an helle Gedanken probéiert, duerch Niwwel a Keelt an Wieder- Déifdrock-Deeg ze kommen... Dacks leidet net eleng duerch Depressiounen „an der Luucht“. Mir haten e schéine Summer; den Hierscht ass der schlechtester kee gewiescht...ower nëmme wa mir vum Barometer schwätzen. Den Hierscht 2001, mat sengem katastrophalen 11. September an all deem Misär, deen dësen Taliban-Terror- Dënschdeg no sech zitt, huet der vill vun äis „gereselt“ an nodenkerlech gemaach.

Ob ee wëllt oder net: An dëse Woche vum Joer erwëscht een sech och nawell gär selwer mat zimlech „hänkege“ Gedanken un seng eege Kannerzäit. Esouguer wa bei villen déi Zäit nach laang net deemno glënnereg a glëcklech war, wéi dat a Gedichter steet oder a Lieder gesong gëtt. Mir haten d'Chance, Kanner hunn d'ärfen ze sinn!

Haut wier et un äis, fir eise Kanner eng glëcklech Zäit ze schenken, un déi si sech eng Käier op d'Manéier aus dem Lidd erënneren: wou si ee Glëck nach net verstoe konnten, „datt ee Bëisen drënner wäer...“ oder hunn d'Televisiouns-Gewalt, de Video-Horror an aner kriminell „Spillereien“ hinnen net ewell am Spillschoualter jidder Illusioun futti gemaach? Gewëss, mir sinn drop aus, de Kanner esou fréi wéi méiglech „d'An opzemaachen“...mir vergiessen ower zevill gär, datt hire Verstand dat Allermeescht net verdaut! Verwiessle mir net ze dacks och einfach an onschëllegt Kannerglëck mat naiver materieller Verwinneerei, mat allméiglechem Iwwerfloss, mat Play-Station-Geschlechterlechte a Markenartikelen, déi professionell-fuusseg Dauer-Kleesercher äis an d'Gewunnechte schmuggelen?

An der Zäit guf emol vum „Määrchenalter“ geschwat, deen tëscht 7 an 12 Joer läit. Wéi dat op dem Gebitt vun der Psychologie an der Pädagogik hin an hier an op an of geet, sinn dann och d'Määrcher verdummt a verdaamt ginn. Jo nëmme net d'reemen! Dat konnt ower näischt drum änneren, dat d'Kanner an deem Alter déi verwonnerlech Geschichte nach emmer gär haten an hunn. Loosst himen em Gottesbiddeswëll hire Määrchenalter, hir Kannergeschichten, hir onschëlleg Illusiönercher...den Eescht kënn matzäit ginuch...wa si „verstoe kënnen“!

Wat dat dann elo mat eiser Sprooch ze dinn huet? Mä an eise Bicherbuttecker fannt dir eng Antwort op dës Fro: **Denkt fir Kleesercherdag, fir Chrëschttag oder d'Neit Joer u Kannerbicher a Cassetten an eiser Sprooch.** Deer sinn der méi ze kréie wéi dat jeemoos de Fall war...a wat gëtt et fir e Kand méi Heemlechtes wéi Kannergeschichten a Määrcher an deer Sprooch, „mat deer eis Mamm äis an d'Liewen eragekësst huet“, wéi den C.M.Spoos emol sou schéi gesot huet.

merci, Här Professor

Den Universitätsprofessor Dr.A.J. PEABODY schreift äis dat hei, nodeem mir him iwwer Internet gehollef haten, „d'Psalmen op Lëtzebuergesch“ ze fannen: I wish you well in your efforts to keep your national language at the forefront of Luxembourg life. You will need no reminding from me that the national language enshrines the national culture, and I was heartened to see the strong position Lëtzebuergesch holds, in spite of the obviously strong linguistic pressures it is under. I thought that Lëtzebuergesch may well survive, and I certainly hope that it does...

Eis Memberen an de Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch sinn houfreg op dat häerzlecht Kompliment...Gifen d'Lëtzebuergesche dat dach och all esou gesinn!

Zwee... zwou... zwéin

J.T. - Am Däitschen, am Franséischen oder Engleschen ass et egal, wat bei „2“ hannendru kënn; et ass emmer ZWEI-DEUX-TWO. Am Lëtzebuergesche rücht dat sech nom Geschlecht vum Wuert hannendrun, eng Eegenart, déi zu eiser Sproochidentitéit gehéiert!...déi ower onbewusst emmer méi dem däitschen ZWEI ugepasst gëtt. Muss dat sinn?

Ganz dacks héiert een „ZWEE Männer“ aplaz „ZWEI Männer“, zwee Autoen, zwee Kichelcher, zwee Bouwen... ower ni „zwee Fraen“. Dat gif jidderengem, deen e bësse kënneg am Lëtzebuergeschen ass, méi optalen, an dofir guf „zwoou Fraen“ nach net ofgeschaaft. „Zwee“ Meedercher ass esouwisou richtig; do gëtt et näischt driwwer ze radetten. Mä wann eis Sprooch e zënter laang a gewësse Fäll méi genee hëlt wéi eis Nopeschsproochen, déi hei am Gebrauch sinn, da misste mer äis dach an eise eegenen Intressi un déi Manéier halen. Mir sollten dat net lichtfankeg iwwergoen, well et jo grad esou „Klenggekeete“ sinn, déi eiser butzeger Identitéit dee kleespere Réck stäipen.

Siele Wieder ginn enger Sprooch séier verluer, an da gëtt iwwerhieflig gesot, si wieren „al“; wat bis emol vergiess ass, dat bleift dermeesch fir emmer verluer! Hei kënn jiddereng eppes fir eis Sprooch maachen, deen sech selwer driwwer iergert, si gif plazeweis verhandst.

Hax oder Heiss?

J.T. - Gesolpert an duerno mat Zoppekraut gekacht, oder och op déi neimoudege Manéier gehäerzt gewierzt (net gewürzt) an da gegrillt, dat ass mer dach e geschméichege Maufel! Firwat kritit een dann ewell op all Dëppefest eng „Hax“ zerveiert. Wa mer drop halen, datt d'Schwäin, déi mer verding, hei an eise Land gezillt a grouss ginn, da misste mer och hire beschte Stécker de lëtzebuergeschen Numm loosse. Bestellt iech eng HÉISS, wann der dono glëschtet. Der wärd gesinn, si schmaacht iech wuel esou gutt wéi eng HAX.

Dir wëllt eppes fir eis Sprooch maachen? Fir Är Sprooch! Da kaaft eng bestellt fir Kanner a Frënn e Buch, eng Cassett op Lëtzebuergesch!

An alle gudder Bicherbuttecker

't kann nimools Fridde ginn

Am Noe sengem Holzgefier um grouse wäiten déiwe Mier do souzen d'Déiren heemlech brav gedamer wéi eng Maus am Schaf.

Mä knapps hat d'Waasser sech verzunn do fänt den éiwge Sträit nees un. Et gouf gepickt, gebass, gehaakt, mat Kloen a mat Zänn gepaakt; den Tiger huet eng Kou gerass, de Wollef huet e Schof erbass; de Fuuss en Dickelche geplëmmt, de Kueb, deen huet e Raup gefëmmt; den Noe huet säi Bouf vernannt an deen huet d'Kaz mam Fouss gerannt.

Mat Haut a Plomm an op ee Siess gouf d'Friddensdauf vum Fuzer gefriess. Do war keng aner opzedeiwie vum wäisse Friddensdauwe-Rass. An dofir wäerd et éiweg bleiven, sou wéi et war an haut nach ass.

Dëst klengt Gedicht vun der Madame Jeanine Theis-Kauth fannt dir am Buch „Spréchercher a Geschichten“, dat d'Actioun-Lëtzebuergesch erausginn huet (230.S. - 650 Frang); 9 Geschichten a 60 Gedichter. Dir kritit et bei äis, mä och an allen zerguttsterte Bicherbuttecker... e Chrëschtcadeau...wéi aus dem Buch!

't ass net ëmmer licht...

...fir d'Lëtzebuergesch ze schreiwien; dat muss een zouginn, och wann ee frou mat eiser Sprooch ass. Dacks fehlen äis Wieder, esouguer deer gebräichlicher, an da gi mer bei den Noper glannen. Doriwwer huet scho méi wéi een sech hei an der KLACK beschwéiert. Wann et em d'modern Technik geet, dann ass et normal, datt mer äis un den internationalen Ausdrëck vun der Wëssenschaft pakuen. Awer fir dat Dagdeeglecht ze beschreiwien, do sollte mer äis dach wa méiglech eiser eegener Wieder bedengen; a wou déi äis ausginn, mussen mer méi wéi aushuelen an e Stéck Saz bäiflëcken. Ech denke elo z.B. un déi Wieder „Hoffnung/hoffen“. Si gi richti vuer gebraucht, an et fällt kengem op, datt si glat a guer kee Lëtzebuergesch sinn. Vlächit hunn d'Generatiounen viraus äis guer net dru gegleeft, datt et hinne sollt emol besser ergoen, an sech dofir kee Wuert erduecht, fir dat Gutt erbäizeruffen.

Wat heescht „hoffen“ dann iwwerhaapt? Mä 't wëllt soen, datt ee Gudder oder Besseres fir sech an anerer wënscht, an och gleeft, datt et kënn. Dofir kann een den däitschen Ausdröck ganz licht mat „mer wënschen a gleewen, datt...“ ersetzen. Wéi wier et, wa mer géife wënschen a gleewen, datt eis Sprooch net mutwëlles mat frieme Wieder duerschtaft gëtt. D'Stielen ass jo verbueden, wann et em Pakes a Gräifes geet. Da loosst mer äis och un dat Gesetz halen, wann et sech em d'Schwätzen a Schreiwien dréint. De Wonsch an de Glawen, datt dat méiglech ass, ka keen äis veriwuelen. J.T.

de Kristian an d'Kristiane kréien um Krëschtmaart e kroméierte Kronometer... abeejo!